



Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21/04/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Kommunikatioun & Medien weiderzeleeden.

Den 20ten Abrëll huet Associatioun *Reporter ohne Grenzen* hire järeliche Ranking zur Pressefräiheet publizéiert. Lëtzebuerg ass hei ee vun de Verléierer a rutscht vu Platz 17 op 20 erof. Als Begrënnung heescht et:

"Generell problematisch sind die zögerliche Herausgabe von Informationen durch Gerichte und Ministerien, die Beeinflussung von Medien aufgrund wirtschaftlicher Interessen und die oft enge Absprache zwischen Medien und Mächtigen in dem kleinen Großherzogtum."

D'Net-Erausgi vun Informatiounen vun de Ministère gouf och vun der ALJP an hire Partner am Kader vun hirem Pressecommuniqué vum 19ten Abrëll kritiséiert:

"Seit 15 Jahren wartet die ALJP darauf, dass sich endlich etwas tut. Mehrere Unterredungen mit dem Medienminister, mit den Mitgliedern der Medienkommission der Abgeordnetenversammlung und mit Vertretern einzelner Parteien sowie das Einreichen einer juristisch ausgearbeiteten Gesetzesvorlage seitens der ALJP (auf Bitten der erwähnten Medienkommission) blieben erfolglos."

Eng Verschlechterung vun der Pressefräiheet stellt *Reporter ohne Grenzen* net nëmmen zu Lëtzebuerg fest. Weltwäit gi just nach 12 vun 180 Länner als "gutt" agestuft. An 73 Länner ginn d'Journalisten a Journalistinnen an hirer Aarbecht wäitgoend oder komplett blockéiert.

An deem Zesummenhang wëlte mir dem Minister dës Froe stellen:

1. Säit 2014 verléiert Lëtzebuerg u Placéierungen. Gouf Lëtzebuerg 2014 nach mat 6,7 Punkten als "gutt" bewäert, ass säitdem een kontinuierlechen Abwärtstrend feststellen.
Wéi erkläert sech d'Regierung dës Placéierungsverloscht? Wat sinn hirer Meenung



www.piraten.lu

no d'Grënn, aus deene Lëtzebuerg vu Platz 1 am Joer 2008 op Plaz 20 am Joer 2020
erofgefall ass?

2. Gesäit d'Regierung ee Lien tëscht de Remarke vun der Associatioun *Reporter ohne Grenzen* an der Campagne "Informatiounszougang elo!" ?
3. Gesäit d'Regierung no dëse rezenten Entwécklungen Handlungsbedarf? Falls jo, wat
fir Schrëtt si geplangt, fir d'Pressefräiheet zu Lëtzebuerg nees méi ze stäerken?
4. Ass ausgeschloss, dass d'Regierung oder eenzel Membere vun der Regierung, géint
d'Medien zu Lëtzebuerg oder de Quëlleschutz (Informanteschutz) an der
Vergaangenheet virgaange sinn?

Mat déiwem Respekt,



CLEMENT Sven
Député

Mat déiwem Respekt,



GOERGEN Marc
Député

